

kuckt gëtt. Wohl wissend, dat soen ech bei der Musel, dass mer do ganz weéng Méiglechkeeten hu fir Rétentionsflächen ze schafen, wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, dass et e Kanal ass an dass mer do net ganz vill Méiglechkeeten hunn. Wa mer also a gewëssen Uertschaften eppes maachen, da muss mer ganz genau kucke wat mer maachen a wéi wäit dass mer kënnen goen, fir net dann deem hannendrun, entweder op der Lëtzebuurger Säit oder op der däitscher Säit, de Problem dohinner ze schleisen.

Schlussendlech sinn ech der Meinung, dass d'Héichwaassermesur sech net nëmmen op déi direkt anliegend Gemengen däerfe limitéieren, déi mam Problem konfrontéiert sinn, mä dass mer e System missten dévloppéieren, deem am Fong schonn do ufänkt, wou d'Waasser erfouert. Mir stellen awer an der Realitéit fest, jee weider mer vun där Plaz sinn, wou de Problem optaucht, jee weider si mer och vun der Akzeptatioun ewech fir ze hëllefen.

Ech gesinn awer mat ganz vill Satisfactioun, dass déi meescht Gemengen entre-temps ufänken an hire Bebauungspläng an an de Révisioun vum hire Kanalsystemer och do Rétentionsfläche virzege-sinn, mä dat ass och eng Mesur déi een net vun haut op mar ka maachen, an duerfir hu mir jo och e Programm vun honnert esou Installatiounen virgesinn iwwert d'Land, fir esou dozou bäizeroen, dass manner Waasser zu engem Moment dann an d'Sauer- an an d'Muselgebitter kënnt.

D'Gemengen hu sech och entre-temps nach eng Kéier engagéiert an deenen nächste fënnef Joer Projeten ze maache fir 30 Milliounen Euro. Dat beweist och d'Continuitéit vum Effort. Villes wat 1995 ugefaange ginn ass ze plangen ass 1998, 1999, 2000 ugefaange ginn ze realiséieren an et dauert bis 2005, 2006, 2007, heiansdo bis 2010 bis mer fäerdeg si mat den Investissementen.

Zum Schluss, Här President, wollt ech nach op d'Staumauer agoen. Den Här Weiler huet mech méi prezis doriwwer gefrot. No den Héichwaasser vun 1993 an 1995 ass folgend Regel agefouert ginn. De Waasserstand virum Wanter gëtt op 317 Meter erfogelooss. Dat ass e Punkt, méi déif däerf, soll een oder kann een net goen. Dat huet souwuel mat Stabilitéitsfroe vun der Mauer ze dinn, wéi och mat Froe vum Drénkwaasser. An der Diskussioun iwwert d'Staumauer gëtt vill iwwer Elektrizitéit geschwat an och iwwert de Bassin de rétention. Et däerf een net vergiessen, dass de Stausee och eis wichtegst Waasserreserv ass wat d'Uewerfläche-waasser ubelaangt.

Da gëtt eng systematesch Politik bedriwwen, dass den Ausfluss op der Staumauer gläich ass dem Alaf vum Stauséi, esou laang den Afloss de Grenzwäert vu 95 m³ pro Sekund net iwwersteigt. 95 m³ pro Sekund, dat ass deen Niveau, wou zu Esch-Sauer d'Iwwerschwemmungen ugin. Dat heescht au fur et à mesure wéi se gesinn dass Waasser bäikënnt, gëtt iwwer e System, dee vir ass, wou ee gesäit wat erakënnt, hannen oplafe gelooss, a wann dann den Alaf méi grouss ass wéi 95 m³, da muss ee selbstverständlech an enger éischer Phas d'Retentionsfläche komme loossen an da muss een opmaachen, woubäi mer maximal bis 320 Meter kënnen komme loossen. Et gëtt awer meeschtens scho virdrun ugefaangen an da muss et mat vollem Karacho erausgoen. Ech soen nach eng Kéier: D'Rentioun vum Stausee läit bei 9 Milliounen m³ oder 9 Milliarde Liter, fir dass ee weess wat do machbar ass.

Bei Héichwaassergefor um Stauséi gëtt et e Groupe d'alerte, dee sech aus deene folgenden eenzelnen Intervenanten zesummesetzt: dem Intérieur, de Ponts et Chaussées, der Police, der Protection civile,

dem Service d'incendie, der Arméi, der SEBES an de Bedreier vun der Staumauer, déi jo elo an aner Hänn iwwergeet. Si kennen d'Regelen, mä si hunn allerdéngs jee no Eenzelfall a wann et géif kritesch ginn d'Méiglechkeet fir eng adaptéiert Äntwert ze ginn. Dee System do huet sech d'ailleurs des Kéier net bewisen, well et net noutwendeg war. 1995 hate mer nämlech d'Situatioun op der Uewersauer, dass mer eng éischt Phas haten, wou de Stau voll gelaf ass. Dunn huet et 24 Stonnen net gereent, mengen ech, oder 12 Stonnen net gereent an dann ass eng zweet Phas nokomm, an et war déi déi en fin de compte mat sech bruecht huet, dass der Staumauer hir Capacité de rétention net méi spille konnt.

Also ass d'Staumauer e Rétentionsbecke wéi all aner Rétentionsbecken, wéi och dat vu Welschent. Et leeft voll, an an engem Moment ass et voll an dann ass et och do eriwuer. Et däerf ee sech also och do keng Wonner erwaarden. Wann dat honnertjähregt Héichwaasser kënnt, dann ass och do net alles machbar. Et sinn allerdéngs säit 1995 eng ganz Rei vu Mesur geholl ginn, fir der Staumauer och eng Fonctioun de rétention ze ginn, déi méiglech ass.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat war wéi üblech méi laang wéi ech en fin de compte d'Wuert hat. Ech hunn awer probéiert esou schnell wéi méiglech an esou konkret wéi méiglech op déi eenzel Aspekter vun all Intervenat heizugeen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass déi Politik an deem heiten Domän eng Politique de longue haleine ass. Et ass keng Politik mat A-coupen, esou dass ech mengen, dass déi viereg Regierung an déi jëtzeg Regierung alles gemaach hu wat an hire Moyene stung fir déi eenzel Aspekter vum Phänomeen opzeschaffen. Mir wëllen an engem permanenten Effort déi Mesuren, déi mer hunn, weider schreien a verbesseren.

Et ass schued fir et ze soen, mä all Héichwaasser gëtt engem nees nei Indicatounen, wat een en fin de compte nach ka besser maachen, mä d'Responsabilitéit däerf net nëmme bei der öffentlecher Hand leien. Responsabilitéit läit beim Stat, Responsabilitéit läit bei de Gemengen, mä Responsabilitéit a Méiglechkeete fir Aktiounen ze huele leien och bei deenen eenzelne Leit, déi méi, mengen ech, wéi an der Vergaangenheet och dorober muss sensibiliséiert ginn, dass et och an hirem Intérêt ass d'Saach net kommen ze loossen, mä sech mat Preventiounsmaassnamen esou wäit wéi méiglech géint Héichwaasser ze schützen. Dat Ganzt wohl wissend, dass mer d'Héichwaasser net opfänken, also net ophale kënnen, mä dass mer just d'Informatioun kënnen, esou wäit et geet, ëmmer nach verbessern an dass mer duerch eng Rei vu Moosnamen verschidden Effeten ewech kréien.

Wann awer d'Pegelstänn an d'Luucht ginn an ëmmer weider an d'Luucht ginn, da kënnt bei all Mesur, déi een trifft, iergendwann eng Kéier de Punkt wou d'Waasser iwwerleeft a wou mer do stinn, wou mer stinn. Duerfir wëll ech do virdu warnen ze mengen, dass et den absolute Schutz gëtt. An der Héichwaasserproblematik gëtt et den absolute Schutz net.

Ech sinn dankbar fir all Suggestiounen, déi kommen. Ech sinn dankbar och an Zukunft, a meng Leit am Wasserwirtschaftsamt och, fir all Suggestiounen, déi vun de Gemenge kommen. Meng Beamten a meng Servicer stinn och jiddferengem zur Verfügung, wann et drëm geet Pläng an aner Saachen auszeschaffen, Informatiounen auszeschaffen fir de Leit déi Informatiounen an déi Mesuren an déi Méttelen an de Grapp ze drécken, déi noutwendeg si fir deem Problem heiz esou gutt wéi méiglech, wann e kënnt, Här ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Domadder wier dese Punkt ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4975 iwwert d'Konventioun vun de Kannerrechter. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Ripinger, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honnabelen Här Emile Calmes.

## 2. 4975 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant, concernant l'implication d'enfants dans les conflits armés, fait à New York, le 25 mai 2000

### Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

**M. Emile Calmes (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Gesetz handelt et sech ëm en Zousazprotokoll zu der Kannerrechtskonventioun a méi speziell ëm d'Implicatioun vun deene Kanner a bewaffnet Konflikter. Dee Protokoll ass de 25. Mee 2000 zu New York ënnerschruiwe ginn. Zu Lëtzebuerg ass en den 1. Juli vum leschte Joer als Gesetzesprojet déposiert ginn. Den Avis vum Statsrat koum den 28. Januar, nodeem en de 4. Juni ëm en Avis gefrot gi war. Et sief bemierkt, dass an der Zwëschenzäit dee Protokoll den 12. Februar 2002 a Kraaft getrueden ass. Hien ass nämlech a Kraaft getrueden nodeem 10 Länner e ratifiziert haten, an dat war schonn am November 2001.

Wat sinn déi aktuell Bestëmmungen iwwert d'Implicatioun vun de Kanner a Krichsgescheien? Déi Kannerrechtskonventioun vum 1989, déi 1990 a Kraaft getrueden ass an déi Lëtzebuerg 1994 ëmgesat huet, definéiert am Artikel 1 als Kand all Mënsch ënner 18 Joer, ausser dass déi national Gesetzgebung eppes aneschtens géif virgesinn. Do dernieft gesäit des Konventioun am Artikel 38 vir, dass d'Staten all Moosnamen huelen an dofir suergen, dass Leit ënner 15 Joer net direkt u bewaffnet Konflikter deelhuefen a se virun allem och nëmmen déi Eelst an der Kategorie vun 15 bis 18 Joer an hir Arméi rekrutéieren. Wéi gesot, des Bestëmmunge vum Artikel 38 si keng Obligatioun fir d'Länner.

Fir desen Alter dann awer elo vu 15 op 18 Joer eropzesetzen, huet d'Mënscherechtskommissioun 1994 en Aarbechtsgrupp agesat, fir en Zousazprotokoll zu deser Konventioun auszeschaffen, dee sech da méi speziell ëm d'Situatioun vun de Kanner an de bewaffnete Konflikter befaasst. Firwat huet d'Kommissioun dat gemaach? Mä si huet erausfonnt, dass weltwäit nach op d'mannst iwwer 300 Kanner ënner 18 Joer u bewaffnete Konflikter deelhuefen. A wann een d'Lëscht mol kucke geet, wou déi Kanner haaptsächlech a bewaffnete Konflikter implizéiert sinn, da fënnt een eraus, dass dat haaptsächlech an afrikanesche Länner ass.

Déi Kanner, déi an national Arméien oder Regierungsarméien - mä dat mussen net ëmmer Regierungsarméie sinn, dat kënnen och Privatarméie sinn - rekrutéiert ginn, ginn dat oft géint hire Wëllen. Déi Kanner ginn oft bedroht. Si ginn entfouert oder anere Gewalttaten ausgesat. Datt dat och schlëmm Konsequenze fir des Kanner huet, souwuel physescher wéi psychescher Natur läit op der Hand, an doduerch dass déi Kanner kierperlech manner staark an och

keng Experienz hunn, ass et dann och esou, dass si proportional de Gros vun den Doudegen an de Blesséierten duerstellen. Wann dat och jiddferengem vun eis aliicht, da war dat awer net esou einfach bei deene Verhandlungen, déi 1994 ugefaangen hunn, an deem Sënn dass déi eréischt no sechs Joer, dat heescht am Joer 2000 zu engem Enn konnte gefouert ginn. Et ware virun allem d'Amerikaner an d'Englänner, déi sech dergéint gewiert hunn, dass Kanner u bewaffnete Konflikter scho mat 17 Joer kéinten deelhuefen. Dat huet et dann och mat sech bruecht, dass dese Protokoll u sech kee contraignant Charakter no sech zitt a just d'Regierungen invitéiert Mesuren ze huelen, Mesuren am Artikel 1, dass si keng Arméimemberen ënner 18 Joer u Kampfhandlungen deelhuefe loossen. Virdu war dat am Artikel 38 op 15 Joer definéiert. Dat ass elo op 18 Joer erop gesat ginn.

Lëtzebuerg huet sech deser Situatioun a mëme gesat mam Gesetz vum 20. Dezember 2002, wou dra steet dass keng mannerjähreg fräiwëlleg Zaldoten däerfen un egal wat fir enger Zort vu bewaffneten Operatiounen deelhuefen. Dat gëllt och fir Opérations de défense mat deene mir net befaasst sinn. Et gëllt awer och op där anerer Säit fir Missions de maintien de la paix, de sogenannte Petersberg Missiounen. Et muss een awer preziséieren, dass fir d'Petersberg Missiounen dat scho virdu gegollen huet, well mam Gesetz vum 2. August 1997 festgeluecht ginn ass, dass d'Bedelegung u Fridensmissiounen nëmmen op fräiwëlleger Basis geschitt.

Déi Konventioun invitéiert dann och nach am Artikel 2 d'Regierungen, déi dat hei ënnerschreien, dofir ze suergen, dass fir Leit ënner 18 Joer den Arméidéngscht net méi obligatoresch ass. Dat ass eng Dispositioun déi Lëtzebuerg u sech absolut net betrëfft, well mir zanter 1967 schonn den obligatoresche Militärdéngscht ofgeschaaft hunn an zanter bal 50 Joer nëmme méi op fräiwëlleger Basis rekrutéieren.

Den Artikel 3, dee seet dann de Regierungen, dass se och Mesurë sollen huele fir den Alter fir de fräiwëllege Rekrutement eropzesetzen. Ech erënneren drun, dass am Artikel 38 desen Alter bei 15 Joer long. Am Artikel steet, dass d'Länner Mesurë sollen huele fir esou no wéi méiglech un déi 18 Joer kënnen erun ze kommen. A fir dat ze kontrolléieren, muss dann all Land, wann et seng Ratifikatiounsdokumenten hannerleet, eng contraignant Deklaratioun mat déposéieren an där den Alter dra steet. Weider muss an där Deklaratioun dra stoen, dass dese Rekrutement wirklech op fräiwëlleger Basis geschitt.

D'Länner ginn dann nach invitéiert, de Consentement vun den Elteren ze froen op där enger Säit, op där anerer Säit awer och déi Leit, déi se rekrutéieren, pleinement ze informéieren iwwert dat wat se bei der Arméi erwaart. D'Prouf muss och erbruecht sinn, dass effektiv déi Leit deen Alter dann erreecht hunn.

Fir Lëtzebuerg gëllen d'Bestëmmungen an deem Sënn, dass Mee-dercher a Jonge mat 17 Joer fräiwëlleg an d'Arméi kënnen goen, selbstverständlech mam Consentement vun den Elteren. Dat huet domat ze dinn, dass déi Leit eng Formatioun vu 17 bis 18 Joer kënnen integréiert ginn. Et muss een och d'Wichtegkeet vun deser Mesur vum deene 17 Joer ënnersträichen, well d'Halschent vun deene Kandidaten, déi sech bei der Arméi mellen, där si vu 17 Joer. D'Leit ginn dohinner, well se do eng Formatioun kënnen kréien an eng Plaz fir herno an Aussicht gestallt kréien. Wéi gesot, des Dispositioun ass och keng nei Dispositioun. Se besteet zanter dem 22. September 1967, wou an engem Reglement iwwert de fräiwëllege Statut festgehale ginn ass, dass dës 17 Joer ass an duerch d'Gesetz vum 20. De-

zember vum leschte Joer ass et dann och Gesetzeskraaft ginn, dass nëmme Kanner iwwer 17 Joer an d'Arméi däerfe goen.

Dann ass nach eng weider Bestëmmung am Artikel 4, déi seet dass déi Bestëmmungen hei net nëmme fir déi national Arméi oder Regierungsarméie gëllen, mä fir och all aner bewaffnet Gruppen. Dat ass eppes, wat fir Lëtzebuerg net brauch ze sinn, well mir där bewaffnet Gruppe keng hei hunn, mä fir déi afrikanesche Länner gëllt dat awer sécher.

De Rescht vun den Artikelen vun deem Protokoll beschäftegt sech haaptsächlech mat den Applikatiounsmodalitéiten. Op déi wëll ech am Detail elo net agoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass nëmmen ze hoffen, dass d'Dispositiounen vun deser Konventioun wirklech zum Droe kommen, an dass virun allem déi Länner dee Protokoll hei ratifizéieren, déi och domat viséiert ginn, awer net nëmme ratifizéieren, mä virun allem och sech un déi Dispositiounen halen zu deene se sech dann hei engagéieren. Dass se méi wéi néideg sinn, beweist déi aktuell Situatioun, well iwwerdeems wou mir hei iwwert d'Implicatioun vu Kanner a Krichsgeschehen diskutéieren, geet de Krich am Irak virun, an d'Biller déi eis all Dag gewise gi beweisen eis dann och, dass Kanner absolut net mussen an de Krich goe fir ënnert dem Krich ze leiden. Et si si och déi déi am meeschten als Zivilpersounen ënner dem Krich leiden.

An deem Sënn, mengen ech, ass et méi wéi jee wichteg, dass d'Dispositiounen vun desem Protokoll vun de meeschte Länner iwwerholl ginn a virun allem och respektéiert ginn, an ech invitéieren lech dofir desem Gesetz Ären Accord ze ginn.

Merci.

**M. le Président.** - Als éischen Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat den Inhalt ueget vun deem heiten Zousazprotokoll zu der internationaler Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner ass net méi vill ze soen, nodeem de Rapporteur op eng ganz komplett Aart a Weis alles Wichtige schonn ervirgehuewen huet.

Wat ee bedauere muss, dat ass dass déi international Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner vun 1989 leider net direkt am Nationalrecht iwwerholl ginn ass, an deem Sënn dass eis Gerichter decidéiert hunn, an déi Jurisprudenz ass leider ferm établiert - entgéint Jurisprudenzen an eenzelnen Nopeschlänner -, dass déi Obligatiounen an déi Rechter, déi an där Konventioun stinn, net duerch d'Ratiofikatioun vun der Konventioun direkt individuell aklobar Rechter fir deen Eenzelne mat sech bréngen. Si mussen praktesch, fir kënnen ze gräifen, an der Wierklechkeet iwwer e Gesetz am Detail ëmgesat ginn, respektiv och a la rigueur iwwert deen heite Wee, wou en internationale Protokoll probéiert eng Dispositioun, déi an där Konventioun steet, den Artikel 38, ze preziséieren an esou prezis ze maachen, dass en och eng direkt Uwendung an den nationale Législatiounen ka fannen.

Wéi gesot, et ass ze bedauern dass eis Gerichter net dee Courage haten, deen déi belsch Gerichter zum Beispill haten an eenzelne Beräicher, wou se vun deemselwechten Text vun der Konventioun ofgeleet hunn, dass ee kënnt direkt seng Rechter akloen opgrond vum Text vun der internationaler Konventioun. Dat ass zu Lëtzebuerg bis dato net méiglech, mä e Reviement vun der Jurisprudenz ass jo ëmmer denkbar. Dat war sécher am Sënn vun de Rechter vum Kand, wann et géif zu esou engem



Revirement an der Lëtzebuurger Rechtssprechung kommen.

Et sief dass mer also begréissen, dass Lëtzebuerg deen heite Protokoll signéiert huet an dass en elo der Chamber zum Vote virläit. En ass praktesch schonn ëmgesat duerch dat Gesetz wat mer am Dezember 2002 hei an der Chamber gestëmmt hunn. An der Praxis hunn och virdru sech d'Regierung, respektiv d'Arméi un deen heiten Text gehalen, dat heescht et si keng Mannerjähreger, och wa se 17 Joer haten, engagéiert gewiescht an iergendwellechen arméierte Konflikter. Dat war also och, ier deen heiten Text bestanen huet, hei zu Lëtzebuerg net de Fall.

Mä, domadder wëll ech schléissen, et soll ee sech awer näischt virmaachen, wat am Eeschtfall d'Valeur vun esou enger Konventioun, engem Protokoll ass. Dat kréie mer jo op eng dramatesch Aart a Weis fir de Moment virgefouert am Irak, wou dagdeeglech vun där enger Krichspartei méi wéi vun där anerer, mä et ass awer keen helleg an där doter Fro, international Konventiounen, wéi zum Beispill déi iwwert d'Krichsgefaangener, permanent violéiert ginn. Dat sinn och Gesetextester, déi Länner guttheescht hunn, déi Parlamenter votéiert hunn, a wann et wierklech zu enger regelrechter Krichssituatioun kënnt, muss ee wëssen, dass leider déi Texter net vill méi Wäert hu wéi de Pabeier op deem se stinn. Dat gesot, wäert eis Fraktioun selbstverständlech deen heite Protokoll guttheeschen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Fraktioun begreísst och, dass Lëtzebuerg de Protokoll do ënnerschriwwen huet. Et wäert jo ni a Fro kommen, dass mir hei zu Lëtzebuerg géint déi Konventioun do verstoussen, a well de Rapporteur, den Emile Calmes, esouwuel en ausféierleche schrëftleche wéi och mëndleche Rapport gemaach huet, brauch ech net méi an d'Detailer anzegoen an lech einfach nëmmen ze soen, dass eis Fraktioun bien entendu deen Text do stëmmt.

**M. le Président.**- Den Här Jacques-Yves Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech wëll och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deem Projet de loi ginn. Et ass wichteg, dass mir op dee Wee mat anere Länner ginn, mä et muss een awer och ervirsträichen, datt just déi Länner, déi missten esou eppes ënnerschreiwen, ni un esou Konventiounen deelhuefen.

Ech wëll och d'Wierder vum Rapporteur ënnersträichen, datt en higewisen huet op d'Situatioun vun de Kanner a Krichsgebitter, déi ganz vill dorënner leiden, ech géing esouguer soen prioritär drënner leide wa Krichssituatioune sinn an notamment wa Bombes a fragmentation gepucht ginn.

Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deem Projet de loi.

**M. le Président.**- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech wëll soen, datt mir als gréng Fraktioun eis enthalte wäerte bei deemem Projet. Et ass natierlech esou, datt déi Konventioun hei versicht e bësse méi en humanen Aspekt an déi ganz Problematik ze bréngen, gewëssemooßen d'Situatioun besser ze regelen. Mä eis stellt dat alles net zefridden. Mir sinn der Meinung, datt generell gesi keen dierft iwwerhaapt an d'Arméi anrieden ier e groussjähreg ass. Ech muss och éierlech soen, vu mengem Gefill hier, aus dem Bauch eraus, datt een esouguer nach misst méi al sinn, fir iwwerhaapt an eng Arméi ze goen.

Et muss ee sech bewosst sinn, e Jugendleche vun 18 Joer, deen an d'Arméi geet, ass eiser Meinung no net räif genuch fir alles ze duerchkucken, wat en do enseignéiert kritt, wat en do mécht, an dofir si mir eigentlech der Meinung, datt den Alter misst generell eropgehuewe gi fir iwwerhaapt an d'Arméi anzetrieden.

Bon, dat hei ass natierlech eng Verbesserung par rapport zur Situation wéi se existéiert, mä et geet eis net wäit genuch. Mir sinn der Meinung, datt dat keng gutt Situation ass, datt een elo schonn awer ënner 18 Joer an d'Arméi rekrutéiert ka ginn, an dofir wäerte mir eis enthalte bei deemem Projet.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Nico Loes.

**M. Nico Loes (CSV).**- Här President, ech géif dem Här Rapporteur och merci soe fir seng Aarbecht, an trotz der Skepsis vu menge Virriedner géinge mir awer mengen, datt dat hei e gudder Projet wier, an dofir bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

**M. le Président.**- Den Här Serge Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech wëll an eng ähnlech Richtung argumentéiere wéi viru mir den Här Bausch.

**(Interruptions diverses)**

Selbstverständlech fannen ech et och net gutt, dass een zu Lëtzebuerg schonn an d'Arméi kann agezu gi mat 17 Joer. Ech mengen, an esou enger Konventioun misst dat och festgehalen ginn. Et misst och zum Beispill festgehalen ginn, Här Minister, dass et verbueden ass fir offensiv Reklam ze maachen fir an d'Arméi anzetrieden an de Lycéén iwwerall am Land, mat enger moderner publizitärer Campagne, wou duergestallt gëtt wéi flott dat ass wann een an d'Arméi geet, bei Schüler déi nach vill méi jonk si wéi 17 Joer. Dat misst och an esou enger Konventioun festgehalen sinn.

Trotzdem mengen ech awer déi Konventioun hei stëmmen ze kënnen, well jo näischt dra steet wat elo net ze akzeptéiere wier.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Arméiminister Charles Goerens.

**M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.**- Här President, ech wëll dem Rapporteur Emile Calmes merci soe fir säi Bericht, hien huet am Fong alles gesot, an och deene successive konstruktive Beiträg.

Dee Protokoll hei ass effektiv, wann e fir Lëtzebuerg och näischt ännert, awer e Fortschrëtt fir d'international Communautéit. Et muss ee kucke wat ursprüngelech an der Konventioun vun de Kannerrechter stoung. Do huet een net dierften ënner 15 Joer rekrutéieren. Mir sinn awer elo op 17 Joer. Et ass e Risénënnerscheed tëschent 15 a 17 Joer.

An der Praxis, den Här Bodry huet elo grad drun erënnert, ass et hei am Land esou, datt een och bis elo schonn nëmme jonk Leit rekrutéiert huet déi mindestens 17 Joer al waren. Dat ass och entërinéiert ginn duerch dat Gesetz dat mer den Dezember gestëmmt hunn an et ass och riichtduerch esou praktizéiert ginn.

Ech wëll och drun erënnere, wat d'Participatioun un Hostilitéiten ubelaangt, datt dat fir Lëtzebuerg ëmmer op fräiwëlleger Basis geschitt. Éischstens muss ee groussjähreg sinn, et muss een 18 Joer al sinn, zweetens geschitt dat op volontärer Basis, an net nëmme fir defensiv Missiounen, mä och fir Opérations de maintien de la paix. Mir sinn de Moment amgaang de Rekrutement ze maachen, oder d'Interessanten ze froen, déi elo an d'ISAF3 an den Afghanistan ginn. Do kommen der selbstverständ-

lech nëmmen a Fro, déi mindestens 18 Joer al sinn, an déi kréien dann och nach eng ganz sec Formation, bis se op deem Niveau sinn.

Dat ass och an der Vergaangenheet ëmmer esou praktizéiert ginn, an esouguer wéi dat do nach kee Gesetz war, kann ech mech erënnere, datt mer d'Leit net toleréiert hu fir ënner 18 Joer an déi Missiounen ze goen, esouguer wann den Accord vun den Elteren do louch.

Dat hei ass elo am Fong eppes wat näischt an der Praxis ännert, mä et ass awer wichteg fir déi Länner, déi méi e larken Ëmgank hate mat där doter Praxis, op deem Niveau ze bréngen.

Ech soen och alle merci, déi dat dote stëmmen. Ech mengen, den Här Bausch, wéi den Här Urbany gesot huet, kënnt sech och iwwerwannen an dat hei matdroen, well mir hu wierklech keng fundamental Differenzen.

Ech hätt och léiwer, si kënten alleguer 21 Joer al sinn. Dir musst awer och verstoen, datt mer wënneg Méiglechkeeten hätte fir den internationale Missiounen nozekommen, wa mer de Rekrutementsalter nach géingen erhéijen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4975 a mir stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4975 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 5 Abstentounen.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement (par M. Nico Loes), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jean-not Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Marco Schroell), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jos Scheuer), MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**3. Demandes en naturalisation**

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

\*\*\*

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 43 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete constitutionnellé Vote ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuurger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat enger Ännerung vum Numm averstanen erkläert.

**Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 3 avril 2003**

- ALEXANDRESCU Dorin Mihai, né le 20 septembre 1956 à Iasi (Roumanie), demeurant à Luxembourg
- VASILESCU Anamaria, née le 5 novembre 1956 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Luxembourg
- AMIRNIA Mohit, né le 11 novembre 1953 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
- NIKDOUST FARROUKH Gity, née le 3 octobre 1959 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
- BUMB Nicolas Alfred Hermann, né le 5 décembre 1980 à Trier (Allemagne), demeurant à Uebersyren
- CIKOTIC Alma, née le 23 mai 1977 à Berane (Yougoslavie), demeurant à Rumelange
- DIAS JANECO Joao Carlos, né le 5 mars 1977 à Bucelas/Loures (Portugal), demeurant à Koerich
- DIMITROVA Dimitrina, née le 11 décembre 1957 à Haskovo (Bulgarie), demeurant à Belvaux
- DUKOVSKI Marjan, né le 4 août 1971 à Skopje (Macédoine), demeurant à Bissen
- GATTULLO Nicole, née le 3 décembre 1946 à Audun-le-Tiche (France), demeurant à Esch-sur-Alzette
- GHANAD ZADEH Akbar, né le 21 mars 1957 à Bojnourd (Iran), demeurant à Luxembourg
- MANSOUR Lida, née le 1er janvier 1957 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
- GONÇALVES DA SILVA Rui Manuel, né le 11 août 1970 à Oliveira do Douro/Vila Nova de Gaia (Portugal), demeurant à Wiltz
- KÖHNKOW Lothar, né le 21 avril 1970 à Echternach, demeurant à Schlindermanderscheid
- M'PUTU Awakola, né le 5 octobre 1968 à Kananga (République démocratique du Congo), demeurant à Dudelange
- MONTANARO Giuseppe, né le 2 novembre 1971 à Ettelbruck, demeurant à Pratz

- POPESCU Doru Viorel, né le 26 février 1955 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Steinsel
- TUDOR Cornelia, née le 1er juillet 1961 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Steinsel
- RADUCU Constantin, né le 7 novembre 1955 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Dahlem

- SORESCU Aurora, née le 18 mars 1959 à Malureni (Roumanie), demeurant à Dahlem
- RAMOS PRIETO Ismael, né le 28 juin 1963 à Sancti Spiritus (Cuba), demeurant à Luxembourg
- La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de RAMOS Ismael.
- RENTMEISTER Reinhold Jakob, né le 15 septembre 1963 à St-Vith (Belgique), demeurant à Hobscheid
- ROCHA SOUSA Manuel, né le 2 juillet 1967 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap Vert), demeurant à Ettelbruck
- MONTEIRO DOS SANTOS Maria, née le 15 décembre 1970 à Santo André/Porto Novo (Cap Vert), demeurant à Ettelbruck
- RODRIGUEZ DEL RIEGO Luis Enrique, né le 4 janvier 1970 à Luxembourg, demeurant à Bettendorf
- SAKOVIC Emira, née le 8 novembre 1966 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
- SAUERWEIN Matthias Otto Amandus, né le 19 juin 1927 à Hamburg (Allemagne), demeurant à Oberkorn
- SAVCHIK Inessa, née le 5 janvier 1960 à Minsk (Biélorussie), demeurant à Luxembourg
- SILVA ROBALO Maria dos Anjos, née le 25 décembre 1969 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
- SMAJIC Sefik, né le 18 août 1948 à Prnjavor/Kalesija (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg
- MEHIC Hava, née le 12 novembre 1946 à Vuckovci/Gradacac (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg
- SOFRA Luigi Eliseo Fabio, né le 15 juin 1972 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Differdange
- SOMO SHAMANA Farid, né le 10 avril 1978 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
- SOMO SHAMANA Ferial, née le 8 septembre 1980 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
- SOMO SHAMANA Munir, né le 5 octobre 1974 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
- SOMO SHAMANA Siranosh, née le 10 novembre 1973 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
- SOSTAKOVA Dana, née le 17 février 1965 à Kosice (Slovaquie), demeurant à Esch-sur-Alzette
- TANG Wing Sui, né le 24 mai 1958 à Hong Kong (Chine), demeurant à Grevenmacher
- LIU Jianping, née le 16 octobre 1958 à Shanghai (Chine), demeurant à Grevenmacher
- TUNG Chi Leung, né le 14 septembre 1965 à Guangdong (Chine), demeurant à Dudelange
- YAU Yuk Fung, née le 20 novembre 1966 à Hong Kong (Chine), demeurant à Dudelange
- WANG Guangwei, née le 7 février 1982 à Zhejiang (Chine), demeurant à Luxembourg
- WURTH Joëlle Marie Ghislaine, née le 11 août 1961 à Arlon (Belgique), demeurant à Beckerich

\*\*\*

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 29. an den 30. Abrëll. Den Ordre du jour gëtt lech zoukomme gelooss.

Domat wier d'Sitzung opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.54 heures)**